# De Louis



## De Schierener Buet

No 20 • September 2006

# Titelfoto

### Den Tour de France 2006 um Contournement

**No 2002 hat den Tour de France och 2006 nees en Afstécher op Lëtzebuerg gemeet.**

**Di 4. Etapp mat Départ zu Esch/Uelzecht huet eist d'Ländchen vu Süden no Norden duerchfuer an huet Schieren op der Emgeeungsstrooss passéiert.**

**Bei sonnegem Wieder hate sech vill Léit ëm de Contournement vum Kéiwee bis d'Schlaed an um Léibierg afonnt fir sech dëst emolegt Erliewnis nit entgoen ze loossen.**


### Redaktioun an Zesummensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Jos NERANCIC, Camille PLETSCHETTE

**Entworf vum Deckel**

Camille SCHAUL

**Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:**

Marcel Bertemes, Guy Berwick, Gusty Feinen, Jemp Feinen, Josiane Gillen, Juliette Kemp, Jos Lutgen, Maggy Meisch, Jos Nerancic, Jean Nickels, Camille Pletschette, Luc Schumacher, Carlo Thill, dem Léierpersonal an de Veräiner.

**Drock**

Imprimerie EXE, Troisvierges

**Oplo**

580

**Präiss**

Eenzelnummer 4 €, Abonnement 12 €



De Schäfferot iwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.



**e-mail: de.louis@gmx.net**



*De Schierener Buet*

*No 20 • September 2006*


# An dëser Nummer


Réunions du Conseil communal. Séances du:

- 02.06.2006 ..... 1
- 14.07.2006 ..... 1
- 31.07.2006 ..... 2

Éierung vun de neigewielten Konselljeën ..... 6

Ministade bei der Schoul ..... 7

Avis au public / Wichtiger Hinweis ..... 8

200 Joer Par Schieren ..... 9

Vakanzaktivitéiten 2006 ..... 10

Club des Jeunes Schieren ..... 11

TC Schieren ..... 13

Musek Schieren ..... 15

FC Schieren ..... 18

Pompjeeën Schieren ..... 21

Schwéier Saison 2006 fir d'Cowboys ..... 22

Fraen a Mammen Schieren ..... 23

Gaard an Heem Schieren ..... 23

A wat ass an eiser Pargemeinschaft gelaf ..... 25

Frënn vum 3. Alter ..... 29

Turnverein Schieren asbl ..... 30

BBC Black Frogs Schieren ..... 31

Chorale Caecilia ..... 32

Scheckiwwerreechung ..... 33

5. + 6. Klasse ..... 34

Aal Schoulklassen 1935/36, 1975/76 ..... 38

Unser Schultheater ..... 40

3 Tage Sportschule Saarbrucken ..... 40

Schoulfest ..... 43

D'Kultur- a Sportskommissioun ..... 44

Gemeng Schieren Partner vum Club Senior Hiirzebierg ..... 45

Den Tour de France um Contournement zu Schieren ..... 45

Tour de France - 15. Etappe ..... 46

Botzen vum Bëschwee op Laangert a laanscht d'Kalbach ..... 47

D'Kommiounskanner hun een Don gemeet ..... 48

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** .................................................. **02.06.2006**

**Présents:**

*M Jos LUTGEN, bourgmestre - M.Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

*Le conseil communal décide unanimement de nommer Rosanna LEONE institutrice d'éducation préscolaire à l'éducation précoce pour la durée de l'année scolaire 2006/2007. Trois demandes d'admission aux écoles de Schieren d'enfants non-résidants ont été avisées favorablement. Le minerval à payer par enfant reste fixé à 400,00 EUR par trimestre.*

De Gemengerot nennt d'Joffer Rosanne LEONE ob de Posten vun der Léierin an der Butzeschoul fir d'Schouljoer 2006/2007. Dräi Demanden fir auswärteg Kanner an eis Schoul fir dat nächst Schouljoer opzehuelen si positiv beäntwert ginn. Pro Kand muss dann ee Minerval vu 400 Euro pro Trimester un d'Gemengekees bezuelt ginn.

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** .................................................. **14.07.2006**

**Présents:**

*M Jos LUTGEN, bourgmestre - M.Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

*Le conseil communal accorde démission honorable de ses fonctions d'institutrice d'enseignement primaire à Mademoiselle Lynn GOERENS et lui remercie de ses bons et loyaux services. En remplacement de Mademoiselle Goerens, le candidat Jo BREUER est nommé dans les fonctions d'instituteur à l'école primaire de Schieren à partir de l'année scolaire 2006/2007. Ensuite le conseil communal arrête unanimement l'organisation scolaire pour l'année 2006/2007, dont résumé est repris en annexe. L'état des restants, dressé par le receveur communal à la fin de l'exercice financier au 30 avril 2006 est arrêté par le conseil communal conformément au tableau d'en bas. A noter que le montant le plus important (43.990 EUR) est à charge de la Trésorerie de l'Etat, en retard sur un remboursement d'avances faites par la caisse communale.*

Als éischt huet de Gemengerot der Joffer Lynn Goerens hir Demissioun als Léierin aus der Primärschoul accordéiert. Ee grousse Merci u si fir hirt Engagement am Déngscht vun eiser Schoul. Si gëtt ersaat duerch den Jo BREUER, dee vum Ufank vum Schouljor 2006/2007 als Schoulmeeschter an eiser Primärschoul schafft. Duerno huet de Konsell d'Schoulorganisatioun eestëmmeg ugeholl. Den Résumé vun dëser Décisioun fannt dir hannendrun. De Konsell arrêtéiert duerno de Restantenetat, dee vum Einnehmer um Enn vum Rechnungsjoer 2005 ob den 30 Abréll 2006 opgestallt gett. Bemierkenswert ass, dass de gréisste Montant (43.990 Euro) an engem Réckstand aus der Staatskees besteht, fir Zommen déi d'Gemengekees virgestreckt hat.

| | Serv. ordinaire | Serv. extraordinaire |
|---|---|---|
| en reprises provisoires | 55.867,35 € | |
| en décharge | 1.013,22 € | |
| **TOTAL :** | 56.880,57 € | |

*En application de la loi du 12 juin 1937, Monsieur le Ministre de l'Intérieur avait invité le conseil communal de prendre position au sujet des réclamations contre l'approbation définitive du projet d'aménagement particulier « In der Wieschen ». Attendu qu'il n'y avait aucun nouvel élément permettant de dégager un autre programme urbanistique et architectural tel qu'arrêté en séance*

An Uwendung vum Gesetz vum 12 Juni 1937 hat den Här Innenminister de Konsell gefrot fir eng weider Stellungnahm a Sache Reklamatiounen géint den Deelbebauungsplang «Wieschen» ze huelen. Well de Gemengerot net gesinn huet, dass nei Elementer opgedaucht wären, déi den urbanistischen an architekturale Charakter vum Projet kënnten änneren, ass di definitiv Décisioun

*du 10 mai 2006, le conseil communal a décidé de préserver sa décision d'approbation. Monsieur Marc Schmitz s'ayant retiré des discussions et vote, Monsieur Patrick Berwick ayant voté contre cette dernière décision. Les divers taux multiplicateurs à appliquer pour l'année 2007 en matière d'impôt foncier ont été fixés comme suit*

oprecht erhale gin. De Schäffe Marc Schmitz hat sech vun der Diskussioun a vum Vote zréckgezun, Den Konselljee Patrick Berwick huet géint dës lescht Approche gestëmmt. Di eenzel Taux'en a Sache Grondsteier fir 2007 si folgendermoosse festgehal ginn.

| | | |
|---|---|---|
| A: | exploitations agricoles et forestières | 295% |
| B1: | constructions commerciales | 400% |
| B3: | constructions à usage mixte/immeubles non-bâtis | 295% |
| B4: | maisons uni familiales ou de rapport | 145% |

*Le taux multiplicateur à appliquer pour l'année 2007 en matière d'impôt commercial est arrêté à 300 %. En application des lois et règlement sur les Fabriques d'Eglise, le conseil communal a été saisi d'un compromis de vente signé le 14/04/2006 entre le conseil de la Fabrique d'Eglise de Schieren et la société de promoteurs Arend N., Fischbach C. et la société à responsabilité limitée GEOPLAN II . La convention traite à la vente d'un terrain à Schieren, « In der Wieschen » d'une contenance de 16,00 ares au prix de 14.500 euros par are et est avisée favorablement par le conseil communal. Le conseil communal avise favorablement le contrat d'urbaniste avec le bureau ESPACES ET PAYSAGES de Esch-sur-Alzette relatif à la mission d'urbanisme de la révision du plan d'aménagement général de la commune au sens des dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement des communes et le développement urbain.*

De Gewerbesteiertaux fir den Exercice ass mat 300 Prozent bäibehale ginn. An Uwendung vum Gesetz iwwer d'Kierchefabriken, war de Konsell mat engem Compromis tëschend der Schierener Kierchefabrik an der Sociétéit vun de Promoteuren Arend N., Fischbach C. an der société à responsabilité limitée GEOPLAN II befaasst ginn. Dës Konventioun behandelt de Verkaf vun engem Terrain «An der Wieschen» vun 16,00 Ar zum Eenheetspräis vun 14.500 Euro an ass eestëmmeg vum Konsell fir gutt fonnt ginn. De Gemengerot ass eestëmmeg d'accord mam Ingénieurskontrakt vum Bureau ESPACES ET PAYSAGES vun Esch-Uelzecht fir d'Ausschaffen vun engem neie Bebauungsplang fir di Schierener Gemeng. Dat ass am Sënn vum ofgeännerte Gesetz vum 19 Juli 2004 iwwert den Urbanismus an d'Bebauung an de Gemengen.

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du: .......... 31.07.2006**

**Présents:**

*M Jos LUTGEN, bourgmestre - M.Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

*Excusés : Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER*

*Afin de garantir toutes les leçons de décharge en éducation précoce et préscolaire, ainsi qu'en enseignement primaire pour l'année scolaire 2006/2007, le conseil communal nomme les personnes suivantes dans les différentes fonctions: SCHMITZ-WALESCH Claudine, mi-tâche en préscolaire, KOHN-WEBER Marie-Paule, 20 leçons d'enseignement direct en primaire, GILSON Patricia, 12 leçons d'enseignement direct en primaire, RICHARTZ Diane, 24 leçons d'enseignement direct en primaire, SCHMITZ-AUST Marie-Jeanne, 4 heures par semaine en précoce/préscolaire et primaire, STORN-WANTZ Viviane, 6 heures par semaine dans l'aide aux devoirs à domicile. Le conseil communal approuve unanimement l'avant-projet sommaire relatif aux travaux d'extension de l'école primaire et préscolaire à Schieren. Un groupe de travail fonctionnant depuis le début de l'année s'avait fixé comme objectif d'élaborer un projet réunissant tous*

Fir am Schouljor 2006/2007 all die eenzel Stonnen un Déchargen am Précoce, der Spillschoul an an der Primärschoul ze garantéieren si folgend Persounen ernannt ginn: SCHMITZ-WALESCH Claudine, hallef Tâche am Préscolaire, KOHN-WEBER Marie-Paule, 20 Stonne pro Woch an der Primärschoul GILSON Patricia,12 Stonne pro Woch an der Primärschoul, RICHARTZ Diane, 24 Stonne pro Woch an der Primärschoul SCHMITZ-AUST Marie-Jeanne, 4 Stonne pro Woch am Précoce Spill- a Primärschoul STORN-WANTZ Viviane, 6 Stonne pro Woch an der Hausaufgabenhëllef. Duerno huet de Gemengerot sech mat dem Ausbau vun eiser Schoul befaasst. Dësen Dossier war virun e puer Joer ugefaang ginn, an zanter Ufank vum Joer huet een Aarbechtsgrupp sech ëm eng detailléiert Planung Gedanke gemaach. Zil war et di schoulisch Infrastrukturen sou ze plangen, dass der zukünftiger Duerfentwécklung ka Rechnung

*les éléments d'évolution démographique et d'évolution scolaire. Ainsi le projet de construction prévoit un nouveau bâtiment sur deux étages avec 4 salles pour les besoins du préscolaire et 4 salles pour le degré inférieur d'enseignement. Les degrés moyen et supérieur seront répartis sur les pavillons existants de manière à pouvoir dédoubler toutes les classes. Le préscolaire actuel hébergera les branches expressives. Le parking du personnel sera aménagé côté Cité Tibessart, où un vaste terrain reste réservé à la construction d'une maison relais. Le budget prévisionnel : Agrandissement Bloc E (actuellement degré supérieur): 874.499 EUR Nouveau bâtiment : 4.426.455 EUR Aménagement extérieur : 793.279 EUR Coût total du projet : 6.094.733 EUR Le projet a été dressé par le Bureau Jonas et Meyers d'Ettelbruck. Le conseil communal décide unanimement d'adhérer au Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature SICONA. Ce syndicat a comme vocation la réalisation de divers projets de rénaturation et de projets écologiques en général. Ainsi la commune pourra profiter du savoir-faire de spécialistes en la matière pour la réalisation de tels projets sur le territoire de la commune. Finalement, dans le dossier Nordstad, il a été décidé de recourir à des experts externes pour certains travaux de planification. La nouvelle convention par laquelle la commune de Colmar-Berg fera partie de la Nordstad a été approuvée.*

gedroe ginn. Lo soll een zweestäckige Neibau entstoen an deem 4 Spillschoulklassen an den Ennergrad mat jeweils 2 Klassen ënnerbruecht ginn. Mëttel- an Uewergrad verdeelen sech ob die bestoend Pavillonen, sou dass all Klass ka verduebelt ginn. An di al Spillschoul komme spéider Säll fir di expressiv Fächer. De Parking fir d'Léierpersonal gëtt no ënnen hinn zur Cité Tibessart verluecht, wou och Plaz reservéiert bleiwt fir eng Maison Relais. Folgende Budget as virgesinn: Vergréisserung Bloc E (dat rezentst Gebei):874.499 Euro Neibau als Bloc F: 4.426.455 Euro Ausseberäich insgesamt:793.279 Euro Total vum ganze Projet: 6.094.733 Euro Den avant-projet sommaire ass vum Architekt Jonas & Meyers vun Ettelbréck ausgeschafft ginn. Weider beschléisst de Gemengerot fir dem Gemengesyndikat SICONA bäizetrieden. D'Vokatioun vun dësem Syndikat ass fir méi Natur an d'Gemengen an an d'Stied ze bréngen. Mir kënne vun hirem Know-how profitéieren fir verschidde Projetën an deem Sënn bei eis an der Gemeng ze realiséieren. Am Dossier Nordstad gouf et weider Bewegung, an deem Sënn wou de Gemengerot beschloss huet fir zesumme mat deenen anere Gemengen auswärtig Experten mat den Etuden ze befaassen. Di nei Konventioun, wouranner och d'Gemeng vu Colmar-Berg an d'Nordstad kënnt, ass ënnerschriwwe ginn.

# ECOLE 2006/2007

**Extrait de l'organisation scolaire**

**I. Enseignement primaire**

**ART. 2 : VACANCES ET CONGES**

**I. Vacances et congés :**

| vacances et congés | date début (inclus) | date fin (inclus) |
|---|---|---|
| congé de Toussaint | 28 octobre 2006 | 05 novembre 2006 |
| vacances de Noël | 23 décembre 2006 | 07 janvier 2007 |
| congé de Carnaval | 17 février 2007 | 25 mars 2007 |
| vacances de Pâques | 31 mars 2007 | 15 avril 2007 |
| congé de Pentecôte | 26 mai 2007 | 03 juin 2007 |
| vacances d'été | 16 juillet 2007 | 14 septembre 2007 |

**II. Jours de congé isolés:**

| jours de congé isolés | date |
|---|---|
| La Saint-Nicolas | Mercredi 6 décembre 2006 |
| Lundi de Carnaval | 19 février 2007 |
| Le 1er mai | Mardi 1er mai 2007 |
| Le Pèlerinage à Notre-Dame | Mai 2007 |
| Lundi de Pentecôte | 28 mai 2007 |
| Mardi de Pentecôte | 29 mai 2007 |
| L'Ascension Jeudi | 17 mai 2007 |
| La Fête Nationale | Samedi 23 juin 2007 |

**ART. 3 : HEURES DE CLASSE**

Modèle d'horaire 2: chacque samedi libre

| LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|
| 8.00-8.55 | 8.00-8.55 | 8.00-8.55 | 8.00-8.55 | 8.00-8.55 |
| 8.55-9.45 | 8.55-9.45 | 8.55-9.45 | 8.55-9.45 | 8.55-9.45 |
| *9.45-10.00 P* | *9.45-10.00 P* | *9.45-10.00 P* | *9.45-10.00 P* | *9.45-10.00 P* |
| 10.00-10.55 | 10.00-10.50 | 10.00-10.55 | 10.00-10.50 | 10.00-10.55 |
| 10.55-11.50 | 10.55-11.40 | 10.55-11.50 | 10.55-11.40 | 10.55-11.50 |
| | 11.40-12.30 | | 11.40-12.30 | |
| 14.00-14.55 | | 14.00-14.55 | | 14.00-14.55 |
| *14.55-15.05 P* | | *14.55-15.05 P* | | |
| 15.05-16.00 | | 15.05-16.00 | | 15.05-16.00 |

**ART. 4 : REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS**

| Bâtiment scolaire | Salle de classe | 1ère | 2e | 3e | 4e | 5e | 6e | Total | Noms et prénoms des titulaires: |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| SCHIEREN | C3 | 13 | | | | | | 13 | HOFFMANN Pascal |
| SCHIEREN | C1 | 13 | | | | | | 13 | LEONE Giuseppina |
| SCHIEREN | B4 | | 14 | | | | | 14 | WEBER Blanche |
| SCHIEREN | D1 | | | 14 | | | | 14 | THEIN Cécile |
| SCHIEREN | B2 | | | | 16 | | | 16 | STÜREN Myriam |
| SCHIEREN | B1 | | | | | 12 | | 12 | BREUER Jo |
| SCHIEREN | A3 | | | | | 12 | | 12 | DONDLINGER J. |
| SCHIEREN | A1 | | | | | | 13 | 13 | KEMPA Joseph |
| **TOTAL:** | | **26** | **14** | **14** | **16** | **24** | **13** | **107** | |

**ART. 8 : COURS OU ACTIVITES PRESTES EN DEHORS DE L'HORAIRE**

| Nature de l'activité | Nom et prénom de l'intervenant | Nombre de leçons hebdomadaires |
|---|---|---|
| Aide aux devoirs à domicile | WANTZ Viviane | 6 |
| | LANNERS Nadine | 6 |

# GROUPES D'EDUCATION PRECOCE

**ART. 15 : ADMISSIBILITE, ADMISSION ET INSCRIPTION DES ENFANTS**

1. Sont admissibles aux groupes précoces : les enfants âgés de 3 ans révolus.
2. L'admission se fera au début de l'année scolaire.
3. Les parents ou tuteurs inscriront les enfants au plus tard le premier juin pour l'année scolaire suivante.

**ART. 17 : HEURES DE CLASSE** **Horaire - type :**

| Heures d'ouverture des groupes précoces | | | | |
|---|---|---|---|---|
| *Jours de la semaine* | *Matin* | | *Après-midi* | |
| | *Type* | *Modifié* | *Type* | *Modifié* |
| *mardi & jeudi* | 08:00 - 11:45 | | | |
| *lundi, mercredi, vendredi* | 08:00 - 11:45 | | 14:00 - 16:00 | |

**ART. 18 : REPARTION DES GROUPES ET DES ENFANTS**

| Bâtiment scolaire | Nombre d'enfants | | | Noms et prénoms des titulaires |
|---|---|---|---|---|
| Siège de la classe | début 1er trimestre | début 2e trimestre | début 3e trimestre | |
| SCHIEREN | 14 | 14 | 14 | 1. LEONE Rosanna<br>2. LANNERS Nadine |
| **TOTAL:** | **14** | **14** | **14** | |

# CLASSES PRESCOLAIRES

**ART. 2 : ADMISSIBILITE ET ADMISSION DES ENFANTS**

1. Sont admissibles aux classes préscolaires :

- les enfants âgés de 4 ans révolus avant le 1er septembre 2006 (groupe d'âge A)
- les enfants âgés de 5 ans révolus avant le 1er septembre 2006 (groupe d'âge B)
- les enfants de l'âge scolaire, ayant obtenu un sursis au début de la scolarité obligatoire, conformément aux dispositions de l'article 3 de la loi du 10 août 1912, telle qu'elle a été modifiée.

**ART. 5 : HEURES DE CLASSE** **Horaire - type :**

| Heures d'ouverture des classes préscolaires | | | | |
|---|---|---|---|---|
| *Jours de la semaine* | *Matin* | | *Après-midi* | |
| | *Type* | *Modifié* | *Type* | *Modifié* |
| *mardi & jeudi* | 08:00 - 11:45 | | | |
| *lundi, mercredi, vendredi* | 08:00 - 11:45 | | 14:00 - 16:00 | |

**ART. 6 : REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS**

| Bâtiment scolaire | Nombre d'enfants | | | | Noms et prénoms des titulaires |
|---|---|---|---|---|---|
| Siège de la classe | groupe A | groupe B | sursis | Total | |
| SCHIEREN | 7 | 8 | | **15** | 1. DECKER-MARBACH Elvire,<br>2. SCHMITZ-WALESCH Claudine |
| SCHIEREN | 8 | 8 | | **16** | MEIERS Nathalie |
| SCHIEREN | 8 | 5 | | **13** | DAHM-LUDOVICY Véronique |
| **TOTAL:** | **23** | **25** | | **44** | |

# ÉIERUNG VUN DE NEIGEWIELTEN KONSELLJEËN

D'Schierener Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Kultur- a Festkommissioun hat fir Sonndeg den 12. Juni op d'Éierung vun de Neigewielten, Goncalves Leite Carlos an Zanier Patrick bei d'Gemeng invitéiert.

Nodeems d'Presidentin vun der Kultur- a Festkommissioun Christiane Gengler di Uwiesend Duerfleit sowie de Pompjeescorps an d'Museksgesellschaft häerzlech begréisst hat, huet d'Juliette Kemp kuerz dat zoukënftegt Aufgabegebitt an d'Verantwortung vun den zwee Neigewielten ëmrass.

De Patrick Zanier an de Carlos Goncalves kruten duerno d'Geleeënheet fir de Wieler merci ze soen fir d'Vertrauen dat si hinnen bei de Walen vum 9. Oktober geschenkt hunn, an hu versprach sech voll a ganz am Intressi vum Duerf anzesetzen.

De Buergermeeschter Jos Lutgen huet uschléissent di zwee austriedend, laangjäereg Gemengekonselljeën, Tun Nickels a Jang Mons fir hir Verdéngschter an hirt Engagement während hirem 30 jäerege Mandat am Gemengerot gewierdegt.





Zum Ofschloss huet de Charles Goerens dem Patrick an dem Carlos félicitéiert fir hire Courage ze kandidéieren an hiren Erfolleg bei de Walen. Hien huet hinnen eng glécklech Hand bei hiren Entscheedungen an der zukünftiger politischer Aufgab gewönscht.

No dem offiziellen Deel gong et am Cortège bei de neie Sall, fir bei engem Éierewäin an e puer Schnittercher dës sympathesch Feier ofzeschléissen.

CP





# MINISTADE BEI DER SCHOUL

Ganzer 12 Wochen huet et nëmme gedauert bis dee neie Sportsterrain bei der Schoul fäerdeg war.

Enn Juni 2006 huet d'Firma Wickler vun Angelduerf mat den Terrassementsaarbechten ugefaangen.

No der Fäerdegstellung vum Ënnerbau an de Begrenzungen sinn d'Clôture mat de Goaler vun der Firma Lux-Aménagement vun Esch-Uelzecht an der Zäit vu nëmmen enger Woch opgeriicht an dono ass de kënschtleche Wues verluecht ginn. Dësen ass uschléissend mat iwwer 20 t Sand gefëllt ginn.

Den Entourrage mat den Tribünen si nom Summercongé ofgeschloss ginn, sou dass dee neie Sportsterrain fir den Schoulufank definitiv fäerdeg ass.

September 2006, ls














# AVIS AU PUBLIC

L'approvisionnement en eau potable dans la commune Schieren dépend des 2 sources «Ancienne Source» et «Nouvelle Source» situées dans la Montée de Nommern, ainsi que du forage au bord de la rue Kreuzberg.

Les principaux contaminants des eaux souterraines sont les nitrates et les pesticides. Ces substances proviennent en grande partie de l'agriculture. Néanmoins, la contamination par des jardins privés n'est pas négligeable. Etant donné que notre approvisionnement en eau potable dépend en majeure partie de nos ressources en eaux souterraines, il est primordial d'empêcher l'introduction de ces contaminants dans l'eau potable car ils présentent un risque à la santé.




Les **nitrates** sont introduits dans le sol par les engrais. Si cet engraissement est supérieur au besoin de la plante à ce moment donné, l'excès est dissout par les eaux et atteint la nappe phréatique.

Les **pesticides** sont des agents chimiques servant à traiter les plantes et à lutter contre la présence de parasites. Vu leur forte solubilité et leur difficulté à se dégrader, ils provoquent des dégâts à long terme dans les eaux souterraines.

De même l'infiltration d'hydrocarbures peut entraîner de graves pollutions.

Afin de garantir la qualité de ces ressources en eaux souterraines, nous comptons sur votre collaboration. **De ce fait:**

- évitez l'utilisation d'engrais, d'insecticides, d'herbicides et de fongicides,
- soyez prudent en manipulant des produits chimiques (peintures, hydrocarbures,...).



# WICHTIGER HINWEIS

Die Trinkwasserversorgung der Gemeinde Schieren hängt von den 2 Quellfassungen «Ancienne Source» und „Nouvelle Source» gelegen in der „Montée de Nommern», sowie der Brunnenbohrung an der „rue Kreuzberg» ab.

Häufige Belastungen des Grundwassers sind erhöhte Nitrat- und Pestizidwerte. Diese Substanzen kommen zu einem großen Teil aus der Landwirtschaft, jedoch ist die Belastung durch private Kleingärten nicht zu vernachlässigen. Da die Trinkwasserversorgung in Luxemburg zum großen Teil auf Grundwasserressourcen beruht, können diese Verunreinigungen ins Trinkwasser gelangen und ein gesundheitliches Risiko darstellen.

**Nitrate** gelangen mit dem Dünger in den Boden. Wird mehr gedüngt als die Pflanzen zu diesem Zeitpunkt aufnehmen können, wird der Rest ausgewaschen und gelangt ins Grundwasser.

**Pestizide** sind chemische Pflanzenbehandlungs- und Schädlingsbekämpfungsmittel und können wegen ihrer hohen Wasserlöslichkeit und langen Verweildauer im Grundwasser langfristig Schaden verursachen.

Auch das Versickern von **Mineralölprodukten** kann zu erheblichen Verunreinigungen führen.

Der Schutz dieser Trinkwasserressourcen kann nur mit Ihrer Zusammenarbeit vollständig gewährleistet werden. **Darum:**

- vermeiden Sie den Einsatz von Düngemitteln, Insektiziden, Herbiziden und Fungiziden,
- seien Sie vorsichtig im Umgang mit chemischen Produkten (Farben, Mineralölprodukte,...).

## *De Waasserqualitéitslabel „Drëpsi» fir d'Gemeng Schieren*

*De 16. September goufen 8 Buergermeeschteren mam offizielle Label fir hir Beméiungen am Drenkwaasserqualitéitsmanagement ausgezeechent.*

*Et waren dëst d'Gemengen: Betebuerg, Bauschelt, Déifferdeng, Habscht, Péiteng, Remeleng, Soussem a Schieren déi vum Här Marc Leonard, President vun der Sebes (Syndicat des eaux du barrage d'Esch-sur-Sure)...*



Der „Drëpsi" zeichnet ein vorbildliches Vorgehen einer Gemeinde in Sachen Trinkwasserqualität aus.

*Mat dem Label «Drëpsi» gi virbildlich Gemengen a Waassersyndikater ausgezeechent, déi mat enger Bestandsobnahm vun der Drénkwaasserinfrastruktur ee wichtige Schrëtt a Richtung fir eng gutt Drénkwaasserqualitéit geholl hunn.*

*Esou en Audit gëtt iwregends vun der EU-Drénkwaasserrichtlinn virgeschriwwen. Deemno profitéiere lo 46 Prozent vun de Bierger vun de Virdeeler déi zum Erhalen vum Label notwendig sinn. D'Gemenge beweisen domat dass si dem Drénkwaasser am Intressi vum Biirger eng grouss Bedeitung bäimoossen.*

# 200 JOER PAR SCHIEREN

Zwee weider Concerten goufen am Kader vun der 200-Joer Feier zu Schieren an der restauréierter Kierch opgefouert an zwar de 25. Mee mam Ensemble Vocal du Luxembourg an de 24. Juni mam Le Madrigal du Luxembourg.



## 1. Ensemble Vocal du Luxembourg

Op Christihimmelfahrt konnte mer zu Schieren den Optrëtt vum Ensemble Vocal du Luxembourg (EVL) genéissen. Dëse Groupe gouf 1991 vum Pierre CAO gegrënnt an huet am Ufank aus 16 Chouersänger bestan, a si hunn Museksstécker aus dem 20. Joerhonnert a cappella gesongen. 2003 huet de Florent STROESSER den Dirigentestaf iwwerholl an hien huet gläichzäiteg den Effectif op 32 Sänger opgestockt an hien trëtt ënnert der neier Formatioun op allen renomméierten Festivalen zu Lëtzebuerg op.



Absolut Spëtzeleeschtungen goufen eis awer duergebueden vun deene 4 Solisten :

- Eva OLTIVANYI, eng Schwäizer Sopranistin, déi schon a veschiddene Mozart - a Strauss - Partien un den Europäeschen Opernopféierungen deelgeholl huet
- Gemma COMA-ALABERT, een Alt aus Spuenien, och doheem an den Opernhäiser vu Spuenien, Frankräich a Paraïs
- Christophe EINHORN, een Tenor aus Frankräich deen sech spezialiséiert huet op Bach a Mozart
- Emmanuel VISTORSKI, eng schéin Bassstëm vu Stroossbuerg deen haaptsächlech a Frankräich optrëtt.

De „Klenge Maarnicher Festival» hat fir Schieren de Concert a säin Programm opgeholl, a si sinn mat deemselwechte Programm an däer Woch och nach zu Daleiden, Elwen an Mensdorf opgetrueden. Si goufe begleet vum Orchestre de Chambre Estro Armonico. Am éischten Deel krute mer de Magnificat in D vum Jan Dismas Zelenka an den Miserere in C-Moll vum Johann Adolf Hasse présentéiert. Den Héichpunkt war den zweeten Deel mat der Kréinungsmass vum Wolfganz Amadeus Mozart, dëst als Hommage fir deem grousse Kënstler säin 250. Geburtsdag.

Mir haten bei dësem Concert awer och d'Geleeënheet, een ale Bekannten rëmzegesinn, an zwar de Roger MIRKES, während laange Joeren Dirigent vun der Schierener Musék. Des Kéier huet hien am Ensemble Vocal du Luxembourg als Bass matgewierkt. An zu gudder Lescht huet an der Persoun vum Luc BLASIUS och nach e fréieren Schierener beim Concert mattgesong.

## 2. Le Madrigal de Luxembourg

De 24. Juni war zu Schieren am Chouer vun der Kierch de laang erwaarte Concert vum Madrigal. Dee Concert war op Initiative vum Carlo HOMMEL kuerzfristeg an de Program vum Bicentenaire bäigesat ginn. Leider ass an der Zwëschenzäit de Carlo HOMMEL onerwaart gestuerwen, a well hien sech och ëmmer em d'Organisatioun gekëmmert huet, ass dunn do e klenge Problem entstan. Awer och ouni Dirigent an Organisator huet de Co-



mité vum Madrigal decidéiert fir dem Carlo säin Wierk virun ze féieren, an zesumme mam Schierener Organisatiounscomité sinn och Léisungen fonnt ginn fir de Concert awer opzeféieren.

Et war deemno och eng Eier fir den Antonio GROSU, aktuellen Dirigent vun der Schierener Chorale a fréiere Schüler vum Carlo HOMMEL, wéi hien d'Direktioun vun deem Concert amplaz vu séngem Léiermeeschter uvertraut krut. Et kann een ouni z'iwwerdreiwe soen, dass hien seng Saach formidabel gemaach huet, an hien huet sech op dësem Concert fir héijer Aufgaben recommandéiert.

Um Programm stungen :

1. Concerto en Re Mineur vum Johann Sebastian Bach fir 2 Violons mat Orchester mat als Solisten Andeas ILLGNER an Iva BROCKMANN
2. De weltberühmten Requiem vum Wolfgang Amadeus Mozart wou ënner anerem matgewierkt hunn :
   - als Solisten Memberen vum Madrigal
   - den Neusser Kammerorchester, deen zesummegesat war aus Sträicher, Holzbléiser, Blechbléiser an engem Organist



Dat fachkundegt Publikum huet duerch säi laangen Applaus gewisen, wéi et déi Prestatioun genoss huet, a wéi et di Leeschtung appreciéiert huet, di trotz deene kuurzfristege Problemer onerwaart gutt war. Dee ganzen Ensemble huet domat dem Carlo HOMMEL nodréiglech Merci gesot fir dat wat hien mat hinnen opgebaut hat.

# VAKANZAKTIVITÉITEN 2006

Wat wär eis laangerwaarten a verdingten Kënschtlerpaus (Grousvakanz) vun 8 Wochen ouni Vakanzaktivitéiten?


Dëst Joer haten sech 35 Schierener Primärschoulkanner zesumme fonnt fir vum 24. Juli bis de 4. August e puer flotter Deeg ënner Kollegen ze verbréngen.

Ënnert dem Thema «eng Rees duerch d'Zäit» hu mir versicht dem Mr X op d'Spuer ze kommen.

Sou hu mir den éischten Dag all zesummen eng riseg Zäitmaschinn gebaut mat däer mir eis déi nächst Deeg op d'Rees gemaach hunn.

Gelant si mir:

- bei den ale Griechen wou mir eng Spaassolympiade matgemaach hunn. Vir Ënnerstëtzung hunn deen Dag d'Kanner



aus den IERPELDENGER Vakanzaktivitéiten gesuergt, sou housch et deen Dag: Schierenius versus Ierpeldenium.

- bei den Urmenschen, geplangt war hei e risegt «Gänsespill» am Bësch. Leider hat d'Wieder eis ee Stréch duerch d'Rechnung gemaach an sou hu mir dësen Dag missten an de Festsall verleeën wou mir eis trotzdeem gutt ameséiert hunn.



- Fir dee waarme Summer besser ze erdroën si mir eis den 2. Méindeg op Réiden an d'Schwemm ofkille gaangen.
- Di 2 leschter Deeg housch et een deem aneren eng Zäit méi no ze bréngen. Sou hu mir eng Grupp bei d'Urmenschen, eng bei di al Réimer, eng an de Mëttelalter an zu gudder lescht eng Grupp an d'Zukunft geschéckt, wou mir ënner anerem och

de geheimnissvolle Mr X fonnt hunn an e konnten «ausser Gefecht» setzen.

- Freides de 4. August huet all Grupp deen anere Kanner, an och den Uwiesende vum Gemengerot gewisen wat si an «hirer» Zäit erliewt hunn. Mat Gedrénks a Gegrills gongen eis Vakanzaktivitéiten gemittlech op en Enn.

Fir 2007 hoffe mir erëm vill Primärschoulkanner kënnen duerch zwou flott Wochen ze féieren. E grousse Merci der Moniteurs-équipe vun dësem Joer, ënnert der Leedung vum Lanners Nadine waren dat: Carole Becker, Jessica Marbes, Sandra Pires Dos Reis a Carole Zimmer.

Lanners Nadine




# CLUB DES JEUNES SCHIEREN



## Generalversammlung

Den 13. Mee 2006 hat den CDJ Schieren seng Generalversammlung am Gemengesall niewent der Jugend. Vu que dat sech 9 Leit fir an den Comité gemellt haten, huet missen vun de Memberen gewielt ginn. All Member huet seng Stëmm via Ziedel anonym ofginn. Den Här Buergermeeschter Jos Lutgen hat sech bereet erklärt, des Wal ze iwwerwaachen an d'Stëmmen auszezielen. Vun dëser Platz aus e grousse Merci.

De Comité fir d'Period 2006/ 2007 setzt sech folgendermoossen zesummen:

| | |
|---|---|
| President: | Pauwels Yves, |
| Vize-Président: | Tavares Ramiro, |

Sekretär: Flies Fabien,
Keessjee: Miny Ralph,
Memberen: Petit Rich, Simon Sven a Weber Yann.

Nodeems déi eigentlech Generalversammlung ofgeschloss wor, huet d'Jugend dann nach op e gudde Pättchen an e gudde Maufel an den Bësch «Ënner Buchels» invitéiert.

Mee wéinst de schlechte Wiederkonditiounen ware leider net vill Leit dofir ze begeeschteren. Et gouf trotz dem schlechte Wieder bis an de fréie Moien ra gefeiert an ënner anerem och nach 2 nei Memberen an den Club opgeholl: Farto Adriano, Flies Fabien, souwéi 3 nei Comitésmemberen, an zwar: Flies Fabien, Petit Rich a Weber Yann.



## Nuetsrallye Sneak Preview VIII 2006

Wéi all Joer hat den Club des Jeunes Schieren den 8. Juli 2006 säin traditionellen Nuetsrallye « Sneak Preview », deen och dëst Joer rem en groussen Succès war.

Un dëser Editioun hun 25 Equipen deelgeholl, déi een Trajet vun 7,5 Kilometer virun sech haten. De Wee hun si un Hand vun enger Beschreiwung missen rausfannen.

Di 5 Spiller waren op dës 6 Filmer opgebaut:

1. Apocalypse Now
2. Gladiator
3. Braveheart
4. Die Hard with a Vengeance
5. Matrix
6. Fight Club (vum letzten Spill bis zréck an d'Sportshal)

Nierwend den Weebeschreiwungen krout och all Grupp bei all Spill jeweils een Bou mat Froen (Kategorien: Politik, Sport, Lëtzebuerg, Musek, Schieren, Anatomie, Geschicht, Geographie an zu gudder Lescht eis 6 Filmer) ausgedeelt, dei d'Allgemengwëssen vun den Leit gepréift hun.

Dat spektakulärst Spill war dat éischt. Op dësem haten mir mat Hëllef vun den Pompjeeën, un déi vun hei aus nach eng Kéier een groussen Merci geet, e Waasserbaséng opgeriicht, wou eenzel Équipenmemberen sech hu missen driwwerbalancéieren.

D'Präisser waren: Coupen fir déi 10 bescht Equipen, an jeweils eng Coupe fir di bescht Schierener Equipe, bescht weiblech Équipe, an déi Équipe mam längsten Fanger.

Sonndes den 9. Juli war d' Präisiwwerreechung an der Buvette vun der Sportshal wou och den Départ war. Merci och nach eng Kéier un d' Gemeng , di eis d' Buvette een ganzen Weekend zur Verfügung gestallt huet.

### Zum Schluss nach een Best of vun eisen Froen vum Nuetsrallye.

1) Wéi huet den fréieren Arcelor-Chef geheescht ?
GUY DOLLE

2) An wéi engem Afrikaneschen Land läit den Kilimanjaro ?
TANSANIA

3) Ween huet den éischten Goal am Eröffnungsspill vun der Futtball WM geschoss ?
PHILIPE LAHM

4) Wien huet « Ons Heemecht » geschriwwen ?
MICHEL LENTZ

5) Ween as Regisseur vum Film « Gladiator » ?
RIDLEY SCOTT

6) An wéi engem Joer wor den « Prager Frühling » ?
1968

7) Wéi heescht den Bono (Sänger vun U2, Gutmensch an Botschafter fir den Weltfridden) mat biergerlechem Numm ?
PAUL HEWSON

# TC SCHIEREN

## Der TC Schieren im Rückblick.

Auf sportlichem Plan war die Saison 2006 von Tiefen und Höhen gezeichnet. In der Tat gab es einige sehr erfreuliche Resultate, leider aber auch Enttäuschungen.

Zu den positiven Erscheinungen gehörten die 2te Damenmannschaft sowie die Jungenmannschaft.

In der Jugendmeisterschaft gelang es dem Team B (Spieler von 14 bis 18 Jahren) in der Poule D der zweiten Division ohne Niederlage den ersten Platz zu belegen. Dabei wurden die Mannschaften Mondorf 1, Remeleng 2, Ettelbruck 1 und Sandweiler 2 hinter sich gelassen.

Folgende Jugendspieler kamen hier zum Einsatz :

KEMP Julien, EVERARD Mike, ZEIMES Pol, GARSON Gilles, LABATUT Damien, GOERENS Chris, SCHAAP Stefan.

In der Meisterschaft der Damenreserven kam das Team Schieren 2 ebenfalls auf den ersten Platz in der 2ten Division.Auch hier wurden sämtliche Spiele gewonnen und zwar gegen: Ettelbruck 2, Spora 3, Erpeldange 2 und Mersch 2. Der Aufstieg in die 1ste Division war die Belohnung.

Hier waren die folgenden Damen und Mädchen im Einsatz :

ZEIMES Ann, EVERARD-NILLES Carmen, SCHMITZ-NILLES Jessica, WALHEIM Simone, ELSEN Célia, SCHMIT Lynn, EVERARD Valérie .

Nicht bei allen Mannschaften lief es so gut, so muss zB. die erste Herrenmannschaft (nach nur einem Jahr in der zweithöchsten Klasse im einheimischen Tennis) den Abstieg in Kauf nehmen. Lobenswert bleibt trotzdem ein Sieg auf diesem hohen Niveau.

Folgenden Ergebnisse wurden noch erziehlt:

Die 2te Herrenmannschaft belegte den letzten Platz in der Division R3 Poule A und fällt somit in die Division R4.

Die erste Damenmannschaft belegte den 5. Platz unter 6 teilnehmenden Mannschaften und sicherte sich so den Verbleib in der 1sten Division.

Das Mädchenteam (im Alter von 14 bis 18 Jahren) belegte den 4. Platz unter 6 Mannschaften; dies in der 1ten Division Poule B

## Grillfest am 15. August

Auch dieses Jahr hatte der TC Schieren seine Mitglieder auf sein traditionelles Grillfest eingeladen. Nachdem wir letztes Jahr das Grillfest um einen Tag vorgezogen hatten und das Wetter so schlecht war, dass wir in die Turnhalle ausweichen mussten, war uns Gott sei Dank das Wetter dieses Jahr wieder hold.

Der Tag begann mit einem Turnier unserer jüngsten Mitglieder. Leider hatten sich nur 4 Kinder eingeschrieben. Ihr Einsatz wurde mit einem kleinen Geschenk belohnt.





Unsere Grillmeister gaben ihr Bestes. Das reichhaltige Salat- und Dessertbuffet, zubereitet von unseren Mitgliedern, fanden reichlich Anklang. Mit viel Eifer wurden die Finale der Kategorien Veterane und Mixeddoppel ausgetragen.



Sieger wurde bei den Veteranen Jean Majerus - Franco Fasano war sein Gegenspieler im Endspiel. Im Verlierertableau setzte sich Camille Pletschette in einem hartumkämpften Spiel über 3 Sätze gegen Jemp Schmitz durch.



Bei den Mixeddoppeln hiessen die Gewinner Marcelle Jeanpierre und Romain Kemp, sie konnten sich gegen Laura Thill und Carlo Kleer behaupten.




Im Verlierertableau gewannen schliesslich Gisa Elcheroth und Jemp Schmitz gegen Blanche Jaas und Guy Wohl.



Nach so vielen spannenden Spielen liess sich jeder das Abendmenu Schinken mit Melone gut schmecken.

Der Präsident Germain Schmit riet allen Mitgliedern sich das Datum vom 15. August 2007 vorzumerken.

Natürlich wird der TC Schieren sein 20 jähriges Jubiläum mit seinen Mitgliedern gebührend feiern.

## Ausflug in die Toscana

Am Freitagabend 1. September pünktlich um 18 Uhr traten 30 wohlgelaunte und erwartungsfrohe Tennisfreunde die 14 stündige Busreise nach Italien an. Uber Luxemburg , Strassburg und Mulhouse ging die Fahrt bis nach Basel. Kurz nach Basel wurde dann eine kurze Rast eingelegt und unser Fahrer Carlo konnte das Steuer an seinen Chef und unseren Präsidenten übergeben. Dieser hatte die undankbare Aufgabe eine schlafende Gesellschaft durch die ganze Schweiz, durch den Gotthardtunnel und




an Mailand vorbei zu kutschieren. Nachdem auch Germain seine 4 Stunden hinter dem Steuer verbracht hatte, übernahm Carlo wieder. Mit Germain als Wegbeschreiber wurde der Flughafen von Pisa angefahren, wo wir den 3. Fahrer abholten. Dies war notwendig, da unser Bus gleich nach dem Ausladen wieder die Heimreise nach Luxemburg antrat. Dass zu einem Busunternehmen nicht nur exzellentes Busfahren gehört, sondern auch eine Menge Logistik, können wir bestätigen.

Kurz nach 8 Uhr erreichten wir unser Ziel, den Garden Club Toscana in San Vincenzo. Für alle, die mehr über diese phantastische Anlage erfahren wollen, hier die Internetadresse : www.gardenclubtoscana.com.



Nach einer Stärkung am reichhaltigen Frühstücksbuffet, erkundigten wir die riesige Anlage mit Privatstrand. Gleich hier passierte das erste Missgeschick und zum ersten Mal konnten wir von Enza's Italienischkenntnissen profitieren, um Verbandszeug zu organisieren. Nach und nach wurden unsere Zimmer bezugsfertig, hastig wurde angepasste Kleidung angezogen, denn der erste Besuch am Pool oder Strand stand auf dem Programm. Claude kümmerte sich gleich mit dem Trainer Metty um die Organisation des Tennistrainings.

Am Sonntag ging es dann los : jeden Tag standen ab 9 Uhr und bis 13 Uhr, von 14 bis 17.00 Uhr 7 Stunden Training an. Am Donnerstag gönnten wir uns eine Pause, ein Ausflug (mit italienischem Reisebus) stand auf dem Programm. Morgens be-



suchten wir Pisa mit seinem berühmten Turm. Am Nachmittag schliesslich wurde der Wein der Gegend gepröbelt und eines der typischen toskanischen Städtchen (San Geminiani) besucht.

Dreimal am Tag konnten wir uns an mehreren reichhaltigen, abwechslungsreichen Buffets bedienen, so dass auch ja nicht zu viele Kalorien verloren gingen. Am Abend, beim geselligen Zusammensein, wurden die Trainingseinheiten des Tages kommentiert, die einzelnen Massageeinheiten oder Verletzungen beschrieben. Wir hatten sogar das Vergnügen, ein silbernes Hochzeitspaar mit Sekt zu feiern.

Dass es anscheinend dabei dem glücklichen Paar nicht schnell genug gehen konnte (wir feierten einen Tag zu früh) wird garantiert noch lange für den einen oder anderen Witz gut sein.

Am späten Montagabend dem 12. September traten wir die Heimreise an und erreichten kurz nach 14 Uhr Schieren. Nicht vergessen wurde natürlich Voyages Schmit für die perfekte Organisation und für die Auswahl dieses Clubs zu danken. Ein Dank ging an unsere beiden Fahrer Carlo und Germain und last but not least an unseren Tennistrainer Matthias Probst alias Metty.

Metty war eigentlich als Ersatztrainer eingesprungen; das Mindeste was man sagen kann, ist, dass Metty seine Sache ausgezeichnet gemacht hat.

Er verstand es die Jugendlichen, die Mädchen, die Damen und die älteren Herren gleichermassen mit seinem Fachwissen und seiner natürlichen Freundlichkeit zu begeistern. Ein baldiges Treffen mit Metty wurde umgehend geplant. Da bei Metty eine Urlaubsreise nach Kanada und Hawai und danach ein 6 monatiges Auslandssemester in Neuseeland auf dem Programm steht, wird dieses Treffen leider erst Mitte November in Schieren stattfinden. Wir freuen uns jetzt schon darauf, unseren wunderbaren Cluburlaub nochmals Revue passieren zu lassen und Fotos zu tauschen.

# MUSEK SCHIEREN

## Den Hämmelsmarsch

Wéi all Joers sou gouf och nees dest Joer Päischtsamsdes mam Hämmelsmarsch d'Kiermes an de Niewestroossen, der Colmer-





Gare, der Schierener Millen an op den Häff agelaut. Samsdes war rendez-vous ¼ op 1 an der Huelschéck an der traditionneller Tenue mat Kiddel, Fichet a Stréihut.

Nodeems den Hämmelsmarsch an d'Kiermes am Duerf eng Kéier virum Musekssall duerchgespillt gi waren, an d'Keesjeeën hier lescht Uweisungen kritt haten, hu mir eis d'Huelschéck rop op de Wee gemeet.

Eis sou beléiwten Tankstellen haten och dëst Joer rëm op, a niewent engem kille Patt gouf et och nach e Bréidchen oder ee gudde gevöllte Streisel.





Fotoen: Gusti Feinen

Päischtsonndes gong et ëm halwer 9 am Kéiwee weider. Dem Weltesch Jäng seng Schof ware scho mat Fletsche gerëscht an hunn ongedelleg op de Schéifer an op di lescht Musikante gewaart. Pénktlech ass den éischten Hämmelsmarsch am Kéiwee erklongen. Mam Schéifer Ali a senge Schof virop ass d'Musek durch d'Haaptstrooss gezunn fir och hei op d'Kiermes anzelauden. De Schéifer hat seng Schewercher allzäit am Gréff.

CP



*Di obligatorisch Kaffispaus beim Éirepresident dem Thill's Jang.*






## 9. Juli Concert Apéro zu Welleschten




Et war dëst de leschte Concert vun der Schirener Musek, ënnert der Direktioun vum Claus Demmer, dee kuerzfristeg no der Démissioun vum Blaise Stélandre de 4. Januar bei äis den Interim gemaach huet.

Den Här Demmer huet äis mat Zäit wësse gelooss dass hie wuel gäre mat eis géng weider zesummeschaffen, mee dass seng aner berufflech Engagementer souwéi säi Familljeliewen dëst leider nit zouloossen.




Um Applaus, dien dem Claus Demmer nom Concert, wéi de President him e passend Geschenk iwwerreeche gelooss huet, war ze héieren an ze gesinn dass mir den Här Demmer gäre weidergehal hätten.



*Dem Sekretär huet et gutt geschmaacht.*

Am Nomëtteg stong d'Besichtigung vun der Welleschter Kellerei um Programm.

Ënnert der fachmännischer Féierung vum Här Schons krute mir d'éischt un Hand vun engem Film den Historik vun der Welleschter Kellerei gewisen, iert mir ee Rondgank duerch dieselwecht gemeet hunn, währen deem mir vum Här Schons mat dem néidegen Humor de Werdegank vun der Drauf bis zum edle Wéngchen erkläert kruten.

Den Här Schons huet newebäi bemirkt dass ee beim Verzier vun deem edle Geséffs och nach ee schéinen Teint kréicht, an et konnt ee gesinn dass hie wosst vu wat e géng schwätzen.

De Schluss war di obligatorisch Wäindegustatioun, mat weideren Détailer iwwert di eenzel Zorten an d'Wäinlagen.



Fotoen: Camille a Josée

## Summerfest vun der Schierener Musek



Sonndes den 2 Juli gouf bei herrlechem Wieder d'Summerfest 2006 am gewinnte Kader op der Plaz hannert dem Festsall, an am neie Sall ofgehal.

Vun 11:00 Auer un gemittlechen Apéro.

Ëm 11:30 Concert Apéro vun der Harmonie Mutfert-Méideng.

Ënnert der Direktioun vun hirem jonken dynamische spuenischen Dirigent huet d'Harmonie Mutfert-Méideng mat engem usprochsvolle Programm fir di néideg Stëmmung beim Apéro gesuergt.

Vun 12:00 Auer un gouf d'Mëttegiessen zerwéiert, op der Menuskaart stongen dëst Joer:

Zalotebuffet,
Fierkelshämmchen,
Kotletten, Thüringer, Mettwurscht,
Dessert a Kaffi.

Ënnert der Regie vun eiser zouverlässiger Dammenekipp, an aisen erfuerene Grillmeeschteren konnt näischt schif goen.

Fir den Service ware wéi ëmmer eis Musikantinnen zoustännig.

Nom Mëttegiessen an am weidere Nomëtteg war Bingo fir Grouss a Kleng ugesot.

Ëm 15:30 Auer Concert vun eiser Nopeschmusek vu Colmer-Bierg. Ënnert der Direktioun vum Här Georis Jean-François konnten och si all Museksfrënn mat hirem Programm begeeschteren.

No deene Colmer-Bierger war et dunn un eiser Jugendmusek fir ënnert der Direktioun vu Sigi a Joe zum musikalischen Ofschloss hiert Kënnen ënner Bewäis zestellen.

Géint 17:00 Auer ass de Grill nach eng Kéier ugefaange ginn, bei engem Maufel an engem Patt ass d'Summerfest gemittlech ausklénge gelooss ginn.

CP



# FC SCHIEREN

## Generalversammlung, vum 30. Juni 2006

Mat Stolz kann den FC Schieren op d'Saison 2005-2006 zréckblécken. Erfollegräich wéi selten virdrun an senger 60 jähreger Geschicht konnt de President den 30. Juni di vergangen Spillzäit Revue passéiere loossen.

Den Opstieg vun äiser **éischter Ekipp** an Éierepromotioun war wuel d'Glanzstéck vun der Saison. Trotz engem schlechte Start mat zwee verluere Matcher direkt am Ufank, huet äis Ekipp sech gefaangen an bis an Wanterpaus kee Match méi verluer. Och vu Mäerz bis Enn Mee hunn äis Jongen nit labber gelooss an hunn mat enger bravoureuser zweeter Plaz d'Championnat ofgeschloss, déi zweet Plaz, déi den direkten Opstieg an d'Éierepromotioun bedeit huet.

No engem Joer an der zweeter Divisioun an engem weidere Joer an der éischter Divisioun huet d'Ekipp mat un der Spëtzt engem dynameschen Trainer Norbert Braun, ee bis dato seltenen Duerchmarsch geschafft deen sech an der lëtzebuerger Fussballwelt weise léisst.

Och äis **zweet Ekipp** huet des Saision op sech opmierksam gemeet. Wann et och am Championnat nit esou gudd geklappt huet, duerfir emsou besser an der Coupe de Luxembourg vun den Reserve-Ekippen.

Si hunn tatsächlech Konststéck fäerdeg bruecht des Coupe ze gewannen, an dat no engem intressanten a spannende Match an der Final géint Wolz ( 2-0 ). Jongen vum Janusz Pruchenski hunn hiren iwwermächteg schéngende Géigner niddergekämft an zum Schluss verdingt gewonnen.

Och äis Jugendekippen mat all hiren Traineren hunn ee grousse Luef verdingt fir déi vill Méi a vill Stonnen déi si mat de Jongen um Terrain verbruecht hunnn fir hinnen d'ABC vum Football op di richteg Art a Weis bäizebréngen.

*Zum Schluss vun der Versammlung sinn nach Mercien ze verdeelen gewiecht.....*

Un éischter Stell een décke Merci eisem dynameschen Supporterclub, deen duerch säin onermiddlecht Schaffen de Veräin finanziell um Liewen hält. Esou konnten di Verantwortlech och dëst Joer dem Caissier vum Football nees een anständesche Scheck iwwerreechen.

Da soe mir dem Raymond Bartholme merci fir seng vill a loyal Aarbecht am Jugendberäich. Hien huet aus gesondheetleche Grënn no 20 Joer dankvollem Wierken opgehalen.

De Jeng Di Cato gouf zum Éierepresident ernannt. Den FC Schieren wëllt him domatt säin Dank ausdrécken fir seng vill Aarbecht un der Spëtzt vun dësem Veräin.




## SCHIEREN I – KADER 2006/2007

***1.Rei v.l.n.r.:*** *Feipel Carlo, Schmitz Marc, Wolszczak Kamil, Trainer Braun Norbert, Martin Samuel, Zeimes Benn, Carvalho Kevin, Stankovic Mirco,*

***2.Rei v.l.n.r.:*** *Polfer Steve, Soares Filipe, Jankowski Andrej, Da Cunha Jean-Paul, Schmit Claude, Ferreira Paulo, Varela José, Masseur Djadjev Atanas, President Lutgen Jos.*

***3.Rei v.l.n.r.:*** *Batic Adnan, Arndt Laurent, Ferreira Marco, Bulas Marco, Varela Bela, Santos Pinto Paulo, Cotrainer Pruchenski Janusz.*

***Op der Foto feelen:*** *Garson Gilles, Zeimes Paul.*





## FC SCHIEREN CUPHOLDER 2005/2006

***1.Rei v.l.n.r.:*** *Scazzari Gino, Santos Pinto Paulo, Fonseca Sergio, Figueiredo Nelson, Morais André, Ribeiro Alexandre, Bulas Marco, Tibessart Claude.*

***2.Rei v.l.n.r.:*** *Pruchenski Janusz, Zeimet Steve, Goncalves Carlos, Da Fonseca Rui, Dos Santos Marco, Jankowski Andrzej, Marques Tiago, Bertemes Mike, Schartz Pit, Zeimet René.*

Merci all eisen treie Supporter déi eis a schlechten wéi a gudden Zäiten ënnerstëtzen.
Zum Schluss ee grousse MERCI un all Kommitteesmember fir hiren onbezuelbaren Asaz während der ganzer Saison. Ouni si géif et keen FC Schieren. An aus deser Mëtt eraus hu mir ee Jubilar geéiert dee seit senger Grënnung an dësem täteg ass.

## „De ganze Schirener Fussball seet merci"



Der Schierener Fußballverein besteht in diesem Jahr seit 60 Jahren. Eines der Gründungsmitglieder war damals Emile Fiedler. Und Emile Fiedler ist auch heute noch mit dabei, als Sekretär. Und auch das bereits seit 57 Jahren. Im Rahmen der kürzlichen Generalversammlung wurde er für seine großen Verdienste um den Verein besonders geehrt. Als Präsident Jos Lutgen die vereinsinterne Karriere des in Bridel wohnhaften Emile Fiedler noch einmal Revue passiert hatte, drückten die anwesenden Vereinsmitglieder dem Jubilar ihren Respekt mit stehenden Ovationen aus. Fiedler war in Schieren allerdings nicht nur Sekretär. Von 1946 bis 1960 gehörte er nämlich ebenfalls zum Spielerkader und er bekleidete auch zeitweise den Posten des Kassierers. „Du bist das einzige Gründungsmitglied in der ganzen Luxemburger Fußballszene, das noch aktiv ist. Der ganze Verein sagt dir danke!", meinte Jos Lutgen zum Abschluss seiner Lobrede an die Adresse von Emile Fiedler. (FOTO: NICO MULLER)

*60 Joer FC Schieren an den Emile Fiedler. (LW 4.7.06)*

## 9. JUGENDTOURNEIER ZU SCHIEREN
## 25. Mee 2006

**Participatioun : 250 Jugendspiller.. !!**

Genau wéi di Joere virdrun, ass et eiser Jugendkommissioun gelongen, di bëscht Jugendekippen aus der Ëmgéigend op hiren Tournoi anzelueden. Perfekt organiséiert, gouf Moies um 9 Auer mat der Poule vun de « Minimes » a « Scolaires » ugefaangen déi di resp. Gewënner viru Mëtteg dann ermëttelt haten. Um 14 Auer hunn dann eis « Pupilles » gewisen wat si können, an zum Ofschloss vum Tournoi um 4 Auer sinn eis " Poussins " ugetrueden.

Wa mir vu «Minimes» - «Scolaires» - «Pupilles» a «Poussins» schwätzen da wëlle mir och emol ernimmen,

| | | |
|---|---|---|
| dass ee Bouw | am Scolaires-Alter | 12-14 Joer al ass |
| | am Minimes-Alter | 10-12 Joer al ass |
| | am Pupilles-Alter | 08-10 Joer al ass |
| | am Poussins-Alter | 06-08 Joer al ass |

Ganz zum Schluss als Galamatch hunn dann eis «Bambinis» (4-6 Joer al) géint Ettelbréck bewisen, dass si scho vill Talent matbréngen fir eng Kéier ee ganz grousse Footballspiller ze ginn.

D'Jugendkommissioun war mat hirem Tournoi 2006 ganz zefridden well eis Ekippen an alle Kategorien ganz uerdentlech Klassementer erspillt hunn.

Och dëst Joer huet den Patrick Zanier sech nit huele gelooss fir di néideg Coupen ze stëfften. D'Jugendkommissioun seet dem Patrick duerfir villmols merci.

# POMPJEEËN SCHIEREN

## Jugenddag bei de Pompjeeën

Bei herrlechem Summerwieder wor e Sonndeg, den 18. Juni, de Jugenddag vun de Jugendpompjeeën aus dem Dikricher Kanton. Dëse Jugenddag gëtt all zwee Joer organiséiert an däss Kéier woren déi Schierener un der Reih. Un der Organisatioun hu sech dëst Joer d'Jugendpompjeeën aus dem Dikricher Kanton, dem Kantonalverband an d'Schierener Pompjeeë bedeelegt.

Am Ganze woren 18 Ekippen um Départ an zwar aus dem Dikricher Kanton, Rolléng/Miersch a Befort. Déi jonk Pompjeeë goufen an zwou Kategorien agedeelt (Kategorie A: acht bis zweelef Joer; Kategorie B: 13 bis 16 Joer). Um Programm stungen eng Rei Spiller an zum Schluss huet déi Ekipp gewonn, déi di meescht Punkte bei den eenzelne Statioune kritt huet. Bei de waarme Temperature woren d'Waasserspiller ee ganz besonnesche Spaass. All Ekipp hat och nach ee „Joker", deen d'Punktezuel bei enger Statioun verduebelt huet. Bei engem optimalen Asaz vum „Joker" mecht dat am Klassement ee grousse Sprong no vir.

Zum Schluss huet an der Kategorie A d'Ekipp aus Feelen 1 mat 1 084,5 Punkte viru Rolléng/Miersch 1 (713,5 Punkten) a Steeën 1 (710,5 Punkten).

An der Kategorie B huet Schieren 2 mat 846,5 Punkte virun Angelduerf 1(780 Punkten) a Rolléng 3 (762,5 Punkten) gewonn.

D'Gewënner kruten ee Wanderpokal mat Heem.





## Pouletsfest

Wéi an de Jore virdrunn huet d'Pouletsfest och däss Kéier d'Rentrée zu Schieren agelaut. Mat engem Concert-Apéritif huet d'Schierener Musek d'Schierener Leit, Pompjeeën an d'Frënn vun de Schierener Pompjeeën an déi richteg Stëmmung bruecht.



No engem gudde Poulet mat Fritten oder gebotschte Gromperen resp. eng Grillwurscht a Plaz vun engem Poulet huet de bekannte Duo „Pol a Rosch" fir ee flotten Danznomëtteg gesuergt. Tëschenduerch huet de Schierener Self-Defense-Club seng Übunge virgestallt an och de Laurent Lutgen huet mat sengem Cabarets-Optrëtt fir eng gutt Ambiance gesuergt. Een Tour duerch Schieren mat enger Päerdskutsch ass dëst Joer och ugebuede ginn.







# SCHWÉIER SAISON 2006 FIR D'COWBOYS!

Wéi bekannt spillen d'Cowboys 2006 hiert Championnat an der LFBBS an der Belsche mat. All Spiller deen des Saison, déi mam leschten Match den 1. Oktober op en Enn geet, gespillt huet, kann mat Recht behaapten, dass en sech staark an séngem Spill verbessert huet. Ofgesinn vun den individuellen Verbesserungen kann een och soen dass et eng wierklech interessant Saison war, mat schéinen Erfahrungen an der Tatsaach, dass mir alleguer Spezialisten an der belscher Géographie gi' sin...warscheinlech sin der dobai, déi éischter Genk wéi den Bënzert géngen fannen!

Mat engem staark ageschränkten Kader hun mir eis missen duerch déi ganz Saison ploen an hun och méi oft verluer, wéi dat virun der Saison geplangt war. Ab Juni sin dann och mam Carole Becker, Romy Bertemes an Corinne Strotz 3 Dammen aus dem Softball dept. bei d'Hären vun den Cowboys dobei komm. No ufänglechen Problemer mat der Angscht virun dem Ball, huet dat sech awer geluecht an d'Meedercher hun sech gutt integréiert a stellen absolut keen Schwaachpunkt duer. Schued ass et just, dass mir an desem Joer d'Finals, fir den Lëtzebuerger Champion ze ermëttelen, net wärten erreechen kënnen an soumat eisen Titel als Vice-Champion net verteidegen kënnen.

Positiv ze vermierken ass dann déi fréizaiteg Zouso fir 2007 vun den 3 Diddelénger Schlësselpiller Steve Jung, Dave Scheulen an René Schneider, alles Nationalspiller, déi ab dem Wanter zu den Cowboys gehéieren wärten, wat eng grouss Verstärkung duerstellt an positiv op déi nächst Saison kucke léisst!




*Alain Lutgen, Gerry Hoffmann, Gilles Schmitz, Laurent Lutgen, Claude Pletschette Luc Weimerskirch, Chris Goldschmidt, Romy Bertemes, Corinne Strotz*

Ab dem 4. September ass och den Jugendtraining vun den Cowboys um Lafen. All Méindeg am September trainéieren do déi interesséiert Kanner an Jugendlech tëschent 8 an 16 Joer, fir 2007 mat den Biekerecher als 2. Lëtzebuerger Team um LOR-LUX Championnat deelzehuelen.

Den 31. Oktober hun d'Cowboys mat der Halloween-Party hiren 1. Bal zu Schieren. Mir hoffen do natirlech op d'Ennerstëtzung vun den Schierener Leit!

Daat aalt Thema fir 2007 bleiwt allerdéngs bestoen: MIR BRAUCHEN EEN TERRAIN! 2006 hu mir vill vun eisen Heemmätcher missen opgin an beim Géigner spillen. D'Méiglechkeet eis den Schierener Leit ze weisen, net ëmmer mussen auswärts ze spillen an eng Staang Geld sin eis doduerch verluer gaang.

2007 kommen mir an eis 4. Saison an et deet besonneg gudd, dass mir, entgéint den Meenungen an Hoffnungen vun villen Leit, nach ëmmer als gesonden Veräin bestin an zesummen mat Biekerech d'Konstanz an den Stack am Lëtzebuerger Baseball duerstellen. Een Enn vum Schieren Cowboys Baseballclub ass, net aleng duerch d'Aschreiwung am belschen Championnat, nach laang net ofzegesin!









**www.cowboys.party.lu**

# FRAEN A MAMMEN SCHIEREN

## Ausflug no Eupen an Monschau.

Den Ausflug vun de Fraen a Mammen huet dest Jar den 4. Juli stattfond.

Moies um 7.00 Auer war den Départ bei der Kierch. Mir si bis op Oudler gefuer, wou mir eis am Hôtel Wickler de Kaffi gutt schmaache gelooss hun.

Gutt gelaunt ass d'Rees du weider gangen bis no Eupen. Do stong eng Visite guidée vu «Chocolat Jacques» um Programm. De Monsieur Jean huet eis wëllkomm geheescht. Hien huet de Werdegang vu «Chocolat Jacques» vun der Grënnung 1896 zu Verviers un bis haut beschriwwen. 1922 sin si dun op Eupen komm. Et siew bemierkt dat si an de leschte Joeren mat verschiddene Schokolasfabriken am Ausland fusionnéiert hunn, ënner aneren mat Stollwerk a Sarotti vu Köln an duerno mat Callebaut. Leider konnte mir d'Produktioun net verfollgen well zum Deel schons Congé war an och nei Maschinnen fir d'Produktioun an d'Verpackung opgeriicht goufen. Mir hunn de Schokola awer ze schmaache kritt, de Musée si mir kucke gaang. An zu gudder Lescht hunn eis Dammen och nach eppes fir hir Gesondheet gemaach. Well Schokola soll jo esou gesond sinn!!!!!!!! Wann een e mat Mooss genéisst.

Duerno si mir no Monschau (Monjoie) gefuer. Monschau ass eng al historech Stad an der Eifel no um Dreilännereck. Do konnt jidderee kucke goen wat e wollt. De Retour war fir 17.00 Auer virgesinn

Zu Veianen am Hôtel Oranienbourg hu mir en Hors d'oeuvre riche, an eng Glace maison als Ofschloss vun deem schéinen Dag zervéiert kritt.

D' Wieder war och schéin op dësem Dag, wat zur gudder Laun vun den Dammen bäigedroen huet.

Irma Feipel



# GAARD AN HEEM SCHIEREN

Wéi all Joer goufen och dëst Joer eis Mammen net vergiess. Samsdesowes, den 10. Juni, no der Mass, hu mir si ageluenden, fir mat eis hiren Eirendag am Gemengesall ze feieren.

De Jugendorchester vun der Musek an de Jugendchouer vum Gesank hunn, trotz der Péischtvakanz, eis Feier mat flotte Musekssécker a schmassege Lidder verschéinert. D'Leit am Sall hunn och net mat Applaus geknéckt.

No der Zéiung vun der Tombola hunn d'Mammen hire Kado, ee Blummestack, iwwerreecht kritt.

***Das ganze Jahr ist Muttertag***

Einmal jährlich feiert man Dich gerne
reist an von nah und aus der Ferne.
Führt Dich aus zu Kaffee und Essen,
will zeigen, dass man Dich nicht vergessen.

Man bringt Frühstück Dir ans Bett
ist zu Dir liebevoll und nett.
Will Dich verwöhnen ohne Schranken.
Du hast ganz andere Gedanken.

Erinnerst Dich, als Du warst jung
voll Lebensenergie und Schwung.
Dann wurden die Kinder Dir geboren
Kein Tag seitdem war je verloren.

All Deine Sorge galt den Kleinen
Du hast geheilt so manches Weinen.
Warst für sie da bei Tag und Nacht,
hast immer über sie gewacht.

Dein Arm gab Kraft, Geborgenheit und Mut
Dein Pusten machte alles wieder gut.
Dein Kuss am Abend musste sein
nur damit schlief man selig ein.

Musstest trösten, heilen, bitten, schlichten
und über kleine Streiche richten.
Was hast Du alles von ihnen angehört
und trotzdem nie der Kinder Mut zerstört.

Gabst Ihnen Reife und Selbstvertrauen,
was immer geschah, sie konnten auf Dich bauen.
Dein Herz war immer sehr bewegt
bis heute hat sich's nicht gelegt.

Denn auch jetzt, an grauen Tagen
wir Dich mit unserm Kummer plagen.
Alle Kinder danken Dir für jedes Jahr
und das Du immer für uns da.

Eine Liebe wie Deine kann es im Leben
jeden Kindes nur einmal geben.
Gesegnet seien Deine Hände,
ein Mutter Tag geht nie zu Ende.

## Orchideen, Rapsueleg a Béier

Den 11. Juli ware mir op Doléiden (Däitschland) an den Orchidarium wou mir eis u wonnerschéine Blummen erfreeë konnten. De Propriétaire, den Här Schronen, huet eis duerch säint klengt Orchideeräich gefouert an duerno eis stolz säin Alpegaart gewisen. En huet eis vill Explikatioune ginn an huet och gedëlleg eis Froen zu den Orchideen an deenen anere Blummen beäntwert. No enger Taass Kaffi mat engem Stéck Taart hu mir eis op de Wee gemaach Richtung Kaalber.



Zu Kaalber huet den Norbert Eilenbecker eis d'Grënnung vun der BEOLA, enger Coopérative vun der BEO (Bauereninitiativ fir d'Eisleck an den Naturpark Our) erklärt. D'BEOLA ass haaptsächlech op d'Produktioun vun Ueleger spezialiséiert. Den Här Eilenbecker huet eis genau erklärt wéi di verschidden Ueleger, wéi zum Beispill den Hanfueleg, Läinueleg oder den Rapsueleg, hirgestallt ginn. Ausserdeem konnte mir och nach Hausmaacherkuch, mat Ourdaller Wëllkaarmiel an Ourdaller Mohn gebak, schmaachen.

Zu Hengescht um Cornelyshaff krute mir vum Braumeeschter d'Konscht vum Béierbrauen erklärt. Natierlech krute mir de „wëllen Hengeschter" och ze schmaachen.

No dësem flotten an informativen Dag hu mir eis no engem gudden Nuechtiessen op den Heemwee gemaach.





## Léiwfrawëschdag

Méindes viru Léiwfrawëschdag hu mir um Schierener Bann Kreider gesammelt an owes d'Wëscher gebonnen an dunn an d'Kierch gefouert.

De 15. August, Léiwfrawëschdag, huet den Här Paschtouer di 78 Wëscher an der Houmass geseent, an no der Mass konnt jiddereen, dee wollt, sech ee Wësch mat heem huelen.

**Merci** all deene Leit, déi eis Weess, Huewer, Kreider, Blummen oder Muurten ginn hunn fir an de Wësch.







## Neiegkeeten

Dat d'Nächst, wat bei eis am Veräin um Programm steet, dat ass d'Quetschefest.

Op mer den Datum vum 23. September bäibehalen musse mer gesinn. Dëst Joer ass alles mi fréi zeideg, sou secher och d'Quetschen.

Mir halen Eech um lafenden.

# A WAT ASS AN EISER PARGEMEINSCHAFT GELAF

## ERLÄICHENDAG

Op Erläichendag ass d'Radiosmass aus der Parkierch vu Schieren iwwerdroe ginn. Vill méi fréi wéi soss si mir opgestan fir um 9.00 Auer an d'Mass ze goen.

Eis Sakristei huet engem Tounstudio geglach. Eng gewëss Opreegung war schon ze spieren. Am ganze lëtzeburger Land konnte virun allem och déi Léit, déi aus gesondheetleche Grënn net an d'Kierch kommen, des Mass aus der Schierener Parkierch matfeieren.

No der Mass ass et a feierlecher Pressessioun – begleet vu Pompjeeën, Musek a Gesank, op de Kierfecht bei d'Kapell gaangen.

Dëst Joer hate mir versicht eng aner al Traditioun opliewen ze loossen: Déi Kanner, déi do waren !! ware mat Begeeschterung derbäi. All puer Meter konnte si virun dem Allerhellegsten (gedroe vun eisem Här Paschtouer) Blumme streeën. Dëse léiwe Gest soll eis Veréierung fir Jesus Christus nach ënnersträichen.

**Merci** all deene Leit, déi eis Blummebléien ginn hunn

**Merci** de Pompjeeën, déi och den „Himmel" gedroen hunn.

**Merci** dem Gesank, fir déi feierlech Mass an fir déi flott Lidder bei der Pressessioun.

**Merci** der Musek fir hir Präsenz an och fir déi passend Stécker bei der Pressessioun.

**Merci**, all deene Leit, déi derbäi waren.











## AUSFLUG MAT DE MASSENDÉNGER

Kuerz virum Schoulufank waren eis Massendénger op hire wuelverdingten Ausflug.

Zesumme mat deene Colmer Massendénger ware mir op Brühl an d'Phantasialand.

Dëst Joer ware mir mat engem Bus vun der Firma ALLTRA SA gefuer. Houfreg ware mir, dass mir, als éischt Gäscht, vun dësem komfortable Reesbus profitéiere konnten. De Chef , de Jean-Paul Neu, huet eis perséinlech a gutt gelaunt gefouert.

Mëttwoch den 13. September war een immens waarmen Dag. D'Waasserspiller am Park hu fir déi néideg Ofkillung gesuergt. De ganzen Dag konnten mir vun deene flotten Attraktioune profitéieren an d'Glace hu mir eis gutt schmaache gelooss.

Di meescht vun eis, hu sech souguer net vun der neier, supermoderner Achterbunn „Black Mamba" ofschrecke gelooss. Si hu sech mat grousser Geschwendegkeet duerch déi verschidde Schrauwen a Loopinger dréie gelooss.

Midd, zefridden a bëssen dronkesch hu mir eis géint 17.00 Auer nees op den Heemwee gemeet.





**OPRUFF un all KANNER**

**-EIS MASSENDÉNGER BRAUCHEN DENG ËNNERSTETZUNG -**

Wolls du schons ëmmer eng Kéier an d'Massendéngerekipp kucke kommen ?.. Hues du d'Kommioun gemeet oder wells se dëst Joer maachen ?.. Hues du nach heiansdo bëssen Zäit iwreg fir an d'Mass ze kommen ?

Mir sinn eng flott Ekipp vun 13 Kanner am Alter vun 10-15 Joer. Niewent eisem Déngscht an der Mass ënnerhuelen mir och soss flott Saachen mateneen : Bastelen, Formatiounsdag, Krëppespill, Klibberen, Schlittschong, Kino, Ausflug.......

Hues du Loscht, eis ze hëllefen, dann zéck elo net a meld dech un !!

Merci a bis da geschwënn, mir freeën eis op dech,

Sylvie - Tél.: 81 76 90

## ZUR RESTAURÉIERUNG VUN DER KIERCH



Am Kader vun der Restauratioun an der Zougänglechkeet vu physisch Händicapéierten zu öffentliche Gebäier huet de Gemengerot dezidéiert zur Colmersäit vun der Kierch ee Säitenagank ze maachen.

Di nei séitlech Kofferdir an eiser Parkierch ass ee Schenkungsakt vun „Toiture Moderne".

Viru Joeren bei der Restauréierung vun der Kapell um Kierfent, - ze liesen am Louis Nr 9 vum Abrëll 2003 - muss zum Abschnitt op Säit 11 folgendes bäigefügt ginn.

**Das Dachgehölz wurde von Fred Weber von der Dachdeckerfirma „Toiture Moderne" gratis geliefert.**

Ee ganz **grousse Merci** op dëser Plaz dem Fred Weber, Patron vun der Firma „Toiture Moderne", fir dës duebel nobel Spend.

## «PAK MAT UN»




Ënnert dësem Motto hat ee Grupp vu Jugendlechen aus eiser Par Sonndes, den 28. Mee 2006 ee Nomëtteg organiséiert, wou d'Michèle Schartz vun der A.s.b.l. Kanner fir Kanner de Projet Waasser fir Crniš virgestallt huet.

Duerch de Verkaf vu Bastel- an Dekoratiounsartikelen, engem Floumârt, enger Kaffisstuff,



Animatioun fir Kanner an Donen konnten di Jugendlech dem Michèle ee Scheck vun 1000 € iwwerreechen.

Si hu sech gefreet datt duerch hier Initiativ 2 Familljen zu Crniš elo fléissend Waasser kritt hunn.

De Jos Schartz huet mat flotter Musek eng gutt Stëmmung opkomme gelooss.

Merci jiddwerengem, deen derzou bäigedro huet, fir dëse Projet ze ënnerstëtzen.

Camille Schartz



## Siegfried FIETZ in Concert

De 16. September 2006 huet de Sänger Siegfried Fietz zesumme mat dem Guitarrist Gerhard Barth ee Concert zu Schieren an der Kierch gespillt am Kader vun der 200 Joerfeier vun der Par Schieren.

Datt de Siegfried Fietz ee vun de kreativsten däitsche chrëschtleche Musiker ass, konnten all di Leit erliewen, déi um Concert deelgeholl hunn. Et war ee Concert, dee nët nëmmen an d'Ouer gang ass, mee och an d'Häerz.



De Siegfried Fietz huet versicht mat senge Lidder de Leit Mutt ze maachen. Mutt fir ze gliewen, awer och Mutt zum Liewen. Hien huet mat senge Melodien an déifsënnegenTexter eng positiv Astellung zum Liewen eriwwer bruecht.

«Et det engem einfach gutt esou Lidder ze lauschteren» konnt een a Gespréicher nom Concert héieren.

De Siegfried Fietz an de Gerhard Barth haten d´Publikum vun der éischter Minut u mam Lidd «Shalom» op hirer Säit. Déi Leit, déi bei de Lidder «Ich wünsche dir Zeit, Spuren im Sand, Ihr sollt ein Segen sein, Manchmal brauchst du einen Engel» a.s.w. nach



nët matgesongen hunn, déi hunn dat awer spéitstens gemaach wéi zum Schluss d'Lidd «Von guten Mächten wunderbar geborgen», eng Vertounung vum Paschtouer Dietrich Bonhoeffer sengem Text, ugestëmmt gouf.

Et war ee gelongenen Owend an et ass sécher keen enttäuscht heem gangen.

Camille Schartz



# D'FRËNN VUM 3. ALTER

## LUEDEN AN, OP DEN

# DAG VUM 3. ALTER

## SONNDES, DE 15. OKTOBER 2006.

## AUSFLUG OP DIDDELENG A BEETEBUERG.

De 19. Juli, bei 36° am Schied, dee waarmsten Dag vun dësem Joer hun 23 «FRËNN VUM 3. ALTER» sëch an de Bus gesat, fir op Diddeleng an de «Centre de Soins» vun der L.N.V.L. ze fueren. Hei hu mir erklärt kritt, wéi déi Déieren, déi si bruecht kréien, gefleegt ginn, fir si nees an d'Fräiheet ze loossen wa si gesond sinn.

Duerno si mir virun op Beetebuerg an de Parc gefuer, wou d'Mëttegiessen zerwéiert ginn ass. Am Nométteg konnt jidder-een sengem Iddi no duerch de Parc trëppelen.

Um 5 Auer huet de Marcel eis nees ganz gemittlech heem ge-fouert.





**SAISON**
**2006-2007**
**à partir du 20.09.2006**

# TURNVERAIN SCHIEREN ASBL



## NORDIC WALKING

MARDI A 18.45 HEURES TOUTE L'ANNEE
SANS INTERRUPTION

Nordic Walking ass e Ganzkierpertraining fir Jonk an Al.

Et steigert d'Konditioun, trainéiert d'Been an déi verschidde Muskelen vum Uewerkierper, verbessert d'Beweglechkeet, léist Verspannungen a fördert d'Duerchbluddung.



## MAMAN ET BEBE

MERCREDI DE 9.30 A 10.30 HEURES



## GYMNASTIQUE « WELLNESS »

JEUDI DE 19.30 A 20.30 HEURES



## GYMNASTIQUE « GESONDHEETSTURNEN »

VENDREDI DE 16.30 A 17.30 HEURES



## SELF-DEFENSE-MIXTE

(A PARTIR DE 5 ANS)

VENDREDI DE 18.00 A 19.30 HEURES

## TURNEN FIR DEN 3. ALTER

Einfach a lues Übungen vum Kapp bis an d'Zéiwe-spëtzten. Fir déi eeler Leit déi nach fit sinn oder et rëm wëlle ginn.



**JEUX-MIXTE** (3 A 6 ANS)

SAMEDI DE 10.00 A 11.30 HEURES

**Renseignements au tél. 81 88 02 (Kemp) ou 81 84 06 (Pletschette)**

BBC
Black Frogs
Schieren

# Mullenowend

*Samsdeg, den 14.Oktober 2006*

*Vun 19:00 Auer un*
*an der Buvette vun der Sportshal zu Schieren*

| | | |
|---|---|---|
| **Mullen** | **mat Fritten an Dessert** | **19 €** |
| **Bouchée** | **mat Fritten, Zalot an Dessert** | **16 €** |
| **Kannermenu:** | **Bouchée mat Fritten an Dessert** | **10 €** |

Meld Iech w.e.gl. u beim
**Marcelle JEANPIERRE**
***tél: 85 98 01***
bis den 9.Oktober 2006

**Deen Owend sinn och zwee Mätcher an der Sportshal:**
Schieren – Berbourg um 18:30 Championnat Dammen
Schieren – Diekirch um 20:30 Championnat Hären

**Merci am Viraus fir Aere Besuch a gudden Appetit**

# CHORALE CAECILIA



## Hochzäit

De 27te Mai 2006 huet eisen Dirigent, den Antonio Grosu sech mam Ramona Tanase zu Bacau a Rumänien bestued. Mir wënschen hinnen vun hei aus nach eemol all Guddes fir hir gemeinsam Zukunft.



## Kannerchouer

Grad wéi schon d'lescht Joer haten eis kleng Sängerinnen och dëst Joer rëm een Optrëtt bei der Mammendagsfeier vum Blummeveräin. Si haten eng Rei flott Lidder ënnert der Leedung vum Ramona duerfir astudéiert. Eent dovun hate si och an der Mass fir all verstuerwe Mammen virgedroen.





*BERARDI Tamira, SCHAUS Sharon, FERNANDES CARDOSO Katy. Déi 3 eelst vum Grupp um Schoulfest*

Fir hire Schoulkollegen ze weisen, datt Sange vill Spaass maache kann, hu si dee selwechte Concert, mam Siggi op der elektrescher Uergel, de 15te Juli um Schoulfest nach eemol widerholl.

## Ausflug: BERLIN 15.07. – 19.07.2006

No engem laange Joer voller Aarbecht, hu mir eis e puer Deeg Vakanz geleescht.

Bei beschtem Summerwieder hu mir d'Schéinheete vu Berlin ënnert d'Lupp geholl. Potsdamer Platz, Brandenburger Tor, Fernsehturm, Reichstag an Olympiastadion: an 3 Deeg hu mir mat Bus a Schëff ganz Berlin geklappt.



Bei sou engem Mammutprogramm a sou waarmen Temperaturen huet een sech och heiandsdo eng kleng Paus an eng Erfrëschung missten erlaben, wéi dir hei gesidd:



*Den Dammen schmaacht d'Glace,*



*mä d'Hären loossen se och nit stoen*

Gutt erholl, geet et dann am September rëm mat frëschem Mutt un d'Prouwen, well den nächste Concert léisst nit op sech waarden: Sonndes, den 12ten November, zesummen mat der Schierener Musek, am Kader vun den „200 Joer Par Schieren"-Feierlechkeeten.



# SCHECKIWWERREECHUNG

Den 30. Juni war et souwäit. Nodeems mir eis um Sportsdag alleguer gutt agesat haten, vill geschwommen an gelaf sinn, konnte mir ee Scheck vun 5.243 € un d'Cécile Hemmen iwwerreechen. Alleguerten d'Kanner aus der Schierener Primärschoul, aus der Spillschoul an aus der Butzeschoul hunn Undeel un dëser grousser Spend, op déi mir alleguerten houfreg waren. Mir wëllen op dëser Plaz nach eng Kéier alleguerten den Sponsoren villmols merci soen.

D'Cécile Hemmen war frou iwwert dës grouss Spend an huet eis nach puer Erklärunge ginn, wat dann lo genee mat dëse Sue geschitt.



# 5. KLASSE

Ecole Primaire de Schieren 5. Klasse Herr Kempa 05.2006



3. Reihe: Pit Elcheroth, Jeff Nowotny, Nuno Da Silva Abreu, Denise Pires, Jos Kempa, Sonia Feidert, Michael Pires Dos Reis, Chiara Antunes Ribeiro

2. Reihe: Jeremy Berardi, Lynn Hilger, Eric Schaap, Pol Hansen, Patrice Wenner, Dylan Guerra Alves, Sara Pinheiro Tavares


1. Reihe: Sandy Wohl, Tatjana Nowotny

## Text zum Bild

Wir sind die 5.Klasse der Primärschule Schieren. Neben dem Lernen, Lesen und Schreiben spielen wir auch gerne Theater (siehe Bericht: Schultheater) und treiben auch ausgiebigen Sport (siehe Bericht: 3 Tage Sportschule Saarbrücken).

# 6. KLASSE

**Ecole Primaire de Schieren Klasse 6b Frau Goerens 05.2006**




3eme rangée: Andy Silva Fortes, Mme Goerens, Jasmine Waldbillig, Lydie Fuchs, Mariam Sere, Michéle Kleer, Kevin Da Costa Timoteo
2eme rangée: Philippe Graff, Eric Thill, Thibaut Schaillié
1ere rangée: Steve Simon, Jessica Pires Dos Reis, Claudia Carvalho Oliveira, Daniel Kleer
absent: Raquel Aravjo Almeida

## Araujo Almeida Raquel

Salut, je suis Raquel,
j'ai terminé enfin l'école.
Les professeur qui m'ont accompagné,
sont contents avec la fin de l'année.
L' institutrice Thein m' appris à étudier
et moi je l' ai appris à crier.
L'institutrice Marie-Paule racontait à la classe des histoires,
pendant ce temps je regardais dans le miroir.
avec l'institutrice Polver j'ai connu Jésus Christ
et j'ai beaucoup ri.
Monsieur Mousel m'a montré comment marche un ordinateur
et moi je lui ai fait beaucoup de peur.
Chez l'institutrice Gilson j'ai fait beaucoup des bêtises,
je n'ai pas reçu de cerises.
A Paris sur le bateau
il faisait chaud.
Avec l'institutrice Goerens toute la classe est allé,
mais grâce à dieu pas à pied.
A Diekirch au Lycée Classique je vais étudier,
pour que ça se passe bien je vais prier.
Ici j'ai passé des années formidables
et j'ai vécu des moments incroyables.
Des souvenirs j'en aurai en tous cas
moi je ne les oublierai pas!!!!!!!!!

## Da Costa Timoteo Kevin

Salut,

